BOSCH




# Wichtege Sécherheetshiwäis

**Fräiwëllege sécherheetsbedéngte Réckruff vu Schläifapparater vun de Serië PSS 2, PSS 20, PSS 190, PSS 200, PSS 250 a PSS 2000 – betrëfft d'Apparater aus dem Produktiounszäitraum Juni bis inklusiv August 2007 +++ Apparater däerfen vun elo un net méi benotzt oder weidergi ginn.**

Bosch Power Tools leet héchste Wäert op Qualitéit a Sécherheet vu senge Produkter. D'Zefriddenheet vun de Benotzer steet fir eis un éischter Plaz. Dohier wëlle mir Iech iwwer eng fräiwëlleg sécherheetsbedéngt Moossnam informéieren.

Bei eise regelméissege Qualitéitskontrollen hu mir festgestallt, datt bei enger begrenzter Unzuel vu Schläifapparater e Materialfeeler um Lëftungsrad optrëtt. Doduerch kéinten d'Gehais briechen an Deeler erausgeschleidert ginn. Et kann net ausgeschloss ginn, datt et zu Verletzunge kënnt. Ausserdeem kéinte stroumféierend Baudeeler opgeluecht ginn, woubäi et am äusserste Fall zu engem liewensbedréilechen elektresche Schlag komme kéint. Allerdings sinn ons däraarteg Fäll net bekannt.

Fir eiser Verantwortung dem Client géigeniwwer gerecht ze ginn, hu mir entschidden, déi betraff Apparater virsuerglech zréckzeruffen a géint en neien Apparat auszetauschen. Dësen Austausch ass fir de Benotzer selbstverständlech käschtefräi.

**Déi betraff Schläifapparater däerfe vun elo un net méi benotzt a weidergi ginn.** Sollt Dir e potentiell betraffenen Apparat an der Tëschenzäit weiderverkaaft oder weiderginn hunn, biede mir Iech, dëse Sécherheetshiwäis sou séier wéi méiglech un den Empfänger weiderzeginn, fir sécherzestellen, datt déi betraff Apparater net méi genotzt ginn.

Betraff sinn Apparater vun de Serië PSS 2, PSS 20, PSS 190, PSS 200, PSS 250 a PSS 2000, déi vu Juni bis inklusiv August 2007 gefäerdegt goufen. Se loosse sech unhand vun der Seriennummer eendeiteg identifizéieren:

| Modell | Apparatsnummer | Seriennummer |
|---|---|---|
| PSS 2 A | 3 603 C40 040 | 786xxxxxx - 788xxxxxx |
| PSS 20 A | 3 603 C40 040 | 786xxxxxx - 788xxxxxx |
| PSS 190 AC | 3 603 C40 101 | 786xxxxxx - 788xxxxxx |
| PSS 200 A | 3 603 C40 000<br>3 603 C40 040<br>3 603 C40 050<br>3 603 C40 070 | 786xxxxxx - 788xxxxxx<br>786xxxxxx - 788xxxxxx<br>786xxxxxx - 788xxxxxx<br>786xxxxxx - 788xxxxxx |
| PSS 200 AC | 3 603 C40 100 | 786xxxxxx - 788xxxxxx |
| PSS 250 A | 3 603 C40 201 | 786xxxxxx - 788xxxxxx |
| PSS 250 AE | 3 603 C40 200<br>3 603 C40 240<br>3 603 C40 270 | 786xxxxxx - 788xxxxxx<br>786xxxxxx - 788xxxxxx<br>786xxxxxx - 788xxxxxx |

| | | |
|---|---|---|
| PSS 2000 A | 3 603 C40 040 | 786xxxxxx - 788xxxxxx |

De Modell sou wéi d'Apparats- a Seriennummer sinn um Typeschëld vun den Apparater wéi follegt ofliesbar:




Bosch Power Tools bedauert déi opgetruede Qualitéitsproblemer wierklech a biet alle betraffe Verbraucher ëm Ëntschëllegung.